

Ech denken awer och, mir dāerfen hei net de Reflex hunn, fir ze soen, et gëtt elo e Service, deen eng gesetzlech Basis huet, deen dat doten alles mécht, an d'Schoul brauch sech net weider a Fro ze stellen, fir méi integrativ, méi inklusiv och ze schaffen. Et muss hei eng Transitionspas sinn, wou dee Service déi Begleitung do mécht, och emol eng Kéier kann eng Reorientatioun proposéieren, mee d'Schoul muss awer den Haaptdeel nach ëmmer vun den Efforte selwer maachen an och natierlech iergendwann eng Kéier eegestänneg do kënnen iwwerhuelen.

Ech wëll ofschléissend, Här President, ganz einfach nach all deene Leit Merci soen, déi bis elo déi Aufgab do gemaach hunn, am SECAM, op villen anere Plazen, och a ville Classe-d'accueillen, a ville Grondschoulen, a ville Lycéeën sech där doter Aufgab ugeholl hunn, prioritär ugeholl hunn, fir Schülerinnen a Schüler vu baussen opzehuelen, an déi dat mat enorm vill Härzblutt gemaach hunn an och muss weider maachen. Well et ass eng gesamtgesellschaftlech Aufgab, déi natierlech um Schoulsystem muss wouergeholl ginn, déi vun all Enseignant, all Educateur muss wouergeholl ginn, déi vun den Eltere muss wouergeholl ginn, mee déi awer och – esou wéi de Max Hengel et gesot huet, d'Josée Lorsché et gesot huet – vun eis allegueren eenzel do en Effort verlaangt, do, wou mer am Kontakt si mat Mënschen, déi vu bausse bei eis komm sinn, fir se och heiansdo mat op de Wee ze huelen, fir hir Plaz an eiser Gesellschaft ze fannen.

Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Éducatiousminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8069. Den Text steet am Document parlementaire 8069⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8069 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. Wann ee wëllt mat ofstëmmen, da muss ee sech och op sengem Posten aloggen, ech wëll dat nach eng Kéier widderhuelen. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen an null Abstentionen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Haldorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Martine Hansen), Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Elisabeth Margue) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Marc Hansen), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

M. Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann zum Projet de loi 8108 iwwert d'Revalorisatioun vu verschiddene Gesondheetsberuffer.

Plusieurs voix | D'Motioun!

M. Fernand Etgen, Président | A jo, pardon. Ech sinn ëmmer ze schnell.

Motion 1

Mir müssen nach zur Motioun kommen, déi vum Här Max Hengel deposéiert ginn ass. An den Här Gilles Baum freet direkt d'Wuert.

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Merci dem Max Hengel an de Kollege vun der CSV fir dës Motioun. Ech fannen dat ganz gutt. Mir hunn dat dote jo scho bei anere Projet-de-loien och gemaach, dass mer gesot hunn: „Kommt, mir maachen eng Evaluatioun no dräi Joer.“ Dofir wäert ech menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun matzedroen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Baum.

Ech mengen, da kënnen mer iwwert dës Motioun a main levée ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

Wien d'accord ass mat dëser Motioun, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugeholl.

3. 8108 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé

Da komme mer zum Projet de loi 8108 iwwert d'Revalorisatioun vu verschiddene Gesondheetsberuffer. An d'Madamm Rapportrice, d'Madamm Cécile Hemmen, ass scho prett.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Madamm Minister, léif Kolleeginnen, léif Kollegen, Dir hutt et bestëmmt schonn un der Längt an un der Komplexitéit vum schrëftleche Rapport gesinn, dass dës Gesetzesprojet net där einfachster een ass. Et war eng richtig Fläissaarbecht noutwendeg an duerfir sinn ech desto méi frou, dass dësen Text elo hei am Plenum virleie kann, well et bei dësem Gesetzesprojet esou war, dass d'Zäit géint eis gespillt huet. Dësen Text ass relativ technesch an den Enjeu ass ganz grouss.

Et geet dorëms, dass d'legal Basis, déi d'Attributiounen an den Accès zu enge ronn 20 Gesondheetsberuffer reegelt, bestoe bleift. Dir fannt d'Lëscht mat de Beruffer, déi betraff sinn, am schrëftleche Rapport. An hei si just e puer vun deene geleeftegste Beruffer, déi betraff sinn: Dat wieren den Infirmier, den Aide-soignant oder awer och d'Hiewamm.

Mee fänke mer vu vir un. De 4. Juni 2021 huet d'Verfassungsgericht en Urteel betreffend d'Gesetz vun 1992 iwwert den Exercice an d'Attributiounen vun enger Rei Gesondheetsberuffer geschwat. Laut deem Urteel vum Verfassungsgericht ass et net mat eiser Verfassung kompatibel, dass d'Attributiounen vun dëse ronn 20 Beruffer a groussherzogleche Reglementer niddergeschriwwen sinn. Si müssen och am Gesetz verankert sinn. Wann dann d'Urteel direkt a Kraaft getruede wier, hätt dat awer zur Konsequenz gehat, dass déi Bestëmmungen, wéi zum Beispill, wéi eng Ausbildung dass ee brauch, fir verschidde Beruffer auszuüben, net méi gültig gewiescht wieren. Dat selwecht gëllt fir d'Attributiounen. Dat heescht, wat déi verschidde Gesondheetsberuffer maachen dierfen a wat net, wier net méi reglementéiert gewiescht.

Fir e Vide juridique ze verhënnern, huet d'Gericht en Delai vun zwee Joer virgesinn, fir dës Situatioun ze redresséieren. An dësen Delai ass dann elo op den 30. Juni 2023 gesat ginn, an dat ass jo bekanntlech muer. Wann dës Projet elo haut gestëmmt gëtt, wouvun ech ausginn, muss de Staatsrot nach seng Dispens vum zweete Vott ginn an da gëtt den Text publizéiert. Mee mir krute verséichert, léif Kolleeginnen, léif Kollegen, dass dat klappe géif, fir dass den Text matzäit a Kraaft triede kann.

Firwat ass et dann elo eigentlech zum Schluss esou enk ginn? Ben, dofir gëtt et direkt e puer Ursachen. Ech mengen, et ass jo jiddwerengem kloer, dass de Santésministère 2021, wéi dëst Urteel geholl ginn ass, nach ëmmer staark mat de Pandemiemesure beschäftigt war.

Da muss een och wëssen, dass d'Regierung zum Deel zweegleiseg gefuer ass. Et ass nämlech eng gréisser Reform vun den Attributiounen vun de Gesondheetsberuffer virgesinn. Mee dat ass eng ganz laangwiereg Aufgab, déi och nach muss mam Terrain ofgekläert ginn. A vu de gewaltegen Aarbechtsopwand vun esou enger genereller Reform an och der Zäitlimit, déi vum Verwaltungsgericht gesat ginn ass, ass dunn decidéiert ginn, déi zwee Projeten ze trennen an hei – tëschent Guillemeten – „just“ déi besteeënd Attributiounen an d'Gesetz ze verankeren, dat eeben, fir de Vide juridique ze verhënnern.

A senger éischter Versioun vun dësem Projet hat de Ministère virgesinn, e gewëssenen Toilettage vun den Texter ze maachen, fir se unzepassen. Et muss ee wëssen, dass all déi groussherzogleche Reglementer net eenheetlech sinn, loin de là. Deen eelsten ass aus dem Joer 1969 an dee rezentsten ass grad eréischt e puer Joer al. Esou Upassungen hätten et erlaabt, den Text méi lieserlech ze maachen a verschidde Prozeduren ze harmoniséieren. Mee doduerch ass et awer och zu Ännerungen an den Texter komm.

Dat huet de Staatsrot a sengem éischten Avis, deen op de 16. Mee 2023 datéiert ass, bemängelt. Wann et zu Ännerungen kënn bei Beruffer, déi reglementéiert sinn, da muss, sou gesäit et e rezent Gesetz vum 2. November 2021 vir, en Examen de proportionnalité gemaach ginn. An dovunner ware laut Avis vum Staatsrot aacht Beruffer concernéiert. Ouni esou en Examen de proportionnalité hätt de Staatsrot seng Dispens vum zweete Vott net kënnen ginn. Hien huet dunn a sengem Avis geroden, vu den Zäitdrock, déi original Texter vun de groussherzogleche Reglementer méiglechst getrei an d'Gesetz ze iwwerhuelen. Well d'Zäit awer géint eis gespillt huet, ass dat och gemaach ginn. An dräi Fäll konnt dunn awer en Examen de proportionnalité gemaach ginn. Dëst war de Fall fir de Pédagogie curatif – hei war et esou, dass nach kee Règlement grand-ducal bestanen huet –, fir den Infirmier en anesthésie et réanimation a fir den Assistant technique médical de chirurgie.

De Staatsrot huet niewent dëser genereller Observatioun och nach eng Rei aner Oppositions formelles a sengem éischten Avis ausgeschwat, déi awer konnten duerch Amendementer vun der Regierung opgehuewe ginn. A sengem Avis complémentaire, dee mer d'lescht Woch kruten, waren nach véier Oppositions formelles dran, wou de Staatsrot awer Textpropositione gemaach huet, déi vun der Kommissioun du konnten iwwerholl ginn, dëst well et sech haaptsächlech einfach ëm Iertemer gehandelt huet, wou eenzel Attributiounen, déi ursprénglech am Projet stoungen, an den Amendementer net mat iwwerholl gi waren.

De Rapport ass dunn den Dëschdeg vun der Santéskommissioun ugeholl ginn. Dofir och hei nach eemol e ganz grouse Merci, awer wierklech e waarme Merci un d'Sekretärin vun der Chamberskommissioun, d'Madamm Patricia Pommerell. Si huet et méiglech gemaach, dass alles an deem dach ganz kuerzen Delai konnt esou modifizéiert gi wéi vum Staatsrot gefrot. An am selwechten Otemzuch géif ech dann och e grouse Merci un den LSAP-Attaché Nicolas Anen gi fir seng wäertvoll Kontributioun.

Zréck bei de Projet: Am Gesetzesprojet ass dann och den Alinea gestrach ginn, dee virgesinn huet, dass nei Gesondheetsberuffer kënne per groussherzoglecht Reglement geschafe ginn. Deemno mussen nei Beruffer an Zukunft ëmmer duerch en neit Gesetz agefouert ginn, dëst fir dem Urteel vum Verwaltungsgericht Rechnung ze droen.

Nach ee Saz zum Beruff vum Assistant senior: Dee Beruff ass viru ronn 30 Joer an d'Gesetz integréiert ginn, allerdéngs ass nach ni e groussherzoglecht Reglement dofir ausgeschafft ginn, dat d'Bestëmmunge vun dem Beruff reglementéiert. Et ass e Beruff, deem um Verschwannen ass. Zum Zäitpunkt, wéi dëse Gesetzesprojet ausgeschafft ginn ass, hate just nach 17 Leit eng entspreichend Autorisation d'exercer, dovunner ass déi lescht am Joer 1995 vergi ginn. Ursprénglech war virgesinn, dëse Beruff och nach weider an der Lëscht vun de Gesondheetsberuffer ze féieren, allerdéngs ouni Bestëmmungen, well et jo kee Règlement grand-ducal gouf, deem een hätt kënne an d'Gesetz iwwerhuelen, an och ouni d'Méiglechkeet, nei Autorisatiounen fir dëse Beruff ze verginn.

Allerdéngs huet de Staatsrot sech a sengem éischten Avis géint dës Solutioun ausgeschwat. Et gouf argumentéiert, dass d'Bestëmmunge vun de Gesondheetsberuffer mussen am Gesetz stoen an dass dat och fir de Beruff vum Assistant senior gëllt. Vu d'Zäit, déi et gebraucht hätt, fir nei Bestëmmungen auszuschaffen an och zousätzlech den Examen de proportionnalité ze maachen, huet d'Regierung proposéiert, dëse Beruff net méi am Gesetz vun 1992 ze féieren. Dëst wier den Opwand net wäert gewiescht, well et jo, wéi gesot, e Beruff ass, deem um verschwannen ass. Mee déi Leit, déi haut nach dëse Beruff ausüben, kënne dat selbstverständlech awer weider maachen, bis dass se an d'Pensioun ginn. De Staatsrot huet sech mat dëser Solutioun averstane gewisen. An dat ass och d'Erklärung, firwat den Assistant senior elo net méi an der Lëscht vun de Gesondheetsberuffer am Gesetz vun 1992 wäert geféiert ginn.

Am schrëftleche Rapport fannt Dir och jeeeweils e Resümee vun den Avisa vum Collège médical, vun der Associatioun vun den Orthophonisten, vun der Salariatskummer a vum Conseil supérieur de certaines professions de santé. Aus dësen Avisa geet generell ervir, dass déi verschidde Beruffsguppen op een Iwwerschaffe vun den Attributiounen vun de Gesondheetsberuffer waarden.

Mee wéi gesot, dat wäert dann den Objet vun engem aneren, spéidere Gesetzesprojet sinn. Dofir nach eng

Kéier den Hiweis, dass et mer wierklech wichteg ass, dass ee soll drun denken, dass mer déi zwee Gesetzer hei net solle verwieselen an déi zwee Gesetzer och wannechgelift net solle matenee vermëschen.

Ech soen Iech e grouse Merci fir d'Nolauschteren a ginn och schonns den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen der Madamm Rapportrice Cécile Hemmen villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, an dat ass den honorabelen Här Marc Spautz.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleege, fir d'alleréischte e grouse Merci un d'Madamm Rapportrice fir hire schrëftlechen an och hire mündleche Rapport. Ech wëll just bei hirem mündleche Rapport un eppes erënneren. Si huet Recht, et ass d'Gesetz vun 1992, wou d'Cour constitutionnelle en Urteel geholl huet, awer dat duerch d'Verfassungsännerung vun 2014. Vun 1992 bis 2014 war dat komplett an der Legalitéit an et ass eréischt duerch d'Verfassungsännerung vun den Artikelen 11 (5), 11 (6) an 32 vun der Verfassung vun 2014, wou dat an d'Illegalitéit komm ass. Just fir dat och eng Kéier ze soen, net dass een och kéint de Verdacht hunn, dass säit 1992 dat alles net richtig gewiescht wär. Just déi Remark zu hirem Rapport.

156 Säiten huet de Rapport, mat villen Erklärungen, mat villen Avisen, déi do derbäi sinn. An ech wëll direkt viwech soen, an d'Madamm Rapportrice huet elo e puermol drop higewisen, dass een den Ennerscheid muss maachen zwëschen enger Gesamtreform an deem, wat hei geschitt ass, fir ze kucken, eng Legaliséierung ze kréien opgrond vun deem Urteel, dat do ass.

Dat wat eis – an ech hunn et och an der Kommissioun gesot gëscht Moien – e bësse seet, dass et awer elo wierklech iwwert de Knéi gebrach ginn ass: D'Urteel ass komm de 4. Juni 2021 an et war kloer, dass bis den 30. Juni 2023, an dat ass menges Wëssens iwwermuer (veuillez lire: menges Wëssens muer), misst en neit Gesetz do sinn. An ech gi jo och dovun aus, dass elo de Staatsrot nach séier wäert d'Dispens gi vun allem, fir dass et dann och wierklech kann den nächste Samschdeg – jo, de Samschdeg ass den 1. Juli – a Kraaft trieden, well soss géife mer do hänken ouni eng legal Basis vun all deem, wat do ass.

An et ass dat, wat eis e bësse stéiert, dass elo zum Schluss – an ech kann dat deem nëmme bäifügen, wat d'Madamm Rapportrice gesot huet –, dass elo vun Dezember bis elo Vollgas gi ginn ass an och am Conseil d'État mat Vollgas dru geschafft ginn ass, fir dass mer awer matzäiten nach eng Kéier de Wee zréck an d'Legalitéit fannen. Mir hätte léiwer gehat, mir hätten do méi laang kënne driwwer schwätzen an diskutéieren a mir hätten och dat, wat am Koalitiounsaccord vun 2018 steet, dass do eng komplett nei Reform géif kommen, dass dat komm wier. 2018 war net 2020 an och net 2021, mee et war 2018 scho festgehal ginn, dass déi Reformen an deenen eenzelne Beruffer géife kommen.

D'Madamm Rapportrice huet och op déi eenzel Beruffer higewisen, wou déi Reglementer komm sinn. Et muss een och nach eng Kéier ervirsträchen: de Problem mat de Kinéen an de Masseuren. Och dat ass eppes, wat hei eng Upassung kréien, an et sinn aner Beruffer, déi eng Upassung kréien, an et sinn aner Beruffer, déi nach ëmmer keng Upassung fannen.

Ech wëll awer och dodrun erënneren, do gëtt et jo nach d'Directive européenne 2005/36, déi och op alle guerten déi Gesondheetsberuffer hiweist, déi do

international gereegelt ginn, an dass et och dofir awer wierklech noutwendeg wier. An ech géif och do en Appell maachen un déi jëtzege an och – et ass jo vläicht déi selwecht – un déi nächst Gesondheetsministesch, dass een dat dann awer och ganz séier op de Wee hält no de Walen, well et ass wichteg, dass mer en attraktive Gesondheetssektor behalen an dass mer och do d'Attraktivitéit behalen, fir dass déi Leit de Beruff erléieren. A mir hu während der Pandemie geklappt an hinne felicitéiert fir alles, wat se géife maachen. Mee wat d'Attraktivitéit vun de Beruffer ubelaangt, wier et och wichteg, dass dann ..., mee d'Madamm Rapportrice hat dat jo gesot, dat wier en anere Projet de loi, mee dass deem awer och da séier kënnt, well mir stinn do viru Problemer am Gesondheetssektor, wat d'Personal ubelaangt!

Awer mir net eleng – ech wëll dat awer och fairnesshalber soen –: Eise gréisste Wirtschaftspartner, deem net wäit vun der Musel ewech läit, ech mengen, e läit déi aner Säit op der Musel, deem hunn dee selwechte Problem. An do huet net méi spéit wéi den 11. Juni den ..., net de Gesondheetsminister, mee den Aarbechtsminister aus Däitschland gesot, dass et bal net méi méiglech wier, nach all d'Fleegfachkräfterposte kënne an Däitschland ze besetzen an dass si elo drop ugewise wieren, iwwer Europa erauszegoen, fir Leit sichen ze goen, fir deem Besoin, deem do ass an deem Sektur, och nozekommen. An ech mengen, dass et och wichteg ass an dass et hei zu Lëtzebuerg net aneschtlers wäert sinn. Mee mir misste vläicht och emol alles drusetzen, fir dass mer a) déi Leit behalen, déi déi Beruffer geléiert hunn, well och do gëtt et eng relativ grouss Ausstiegs-klausel (veuillez lire: Ausstiegsquot).

Ech hat eng Question parlementaire gestallt an ech hunn elo gëscht do och schonn Äntwerten drop kritt, wou Leit, déi dee Beruff geléiert hunn, op eemol net méi wëlle weiderfuere, well och d'Aarbechtskonditiounen – ech betounen: d'Aarbechtskonditiounen – net ëmmer déi attraktivst sinn. An et sinn och Leit heibanen, déi e Partner hu respektiv Kanner hunn, déi déi Beruffer erléiert hunn, an déi wëssen do ganz gutt, vu wat ech schwätzen. An dofir mengen ech, dass et elo net duergeet, dat hei konform ze maachen, mee dass mer och duerno deem nächste Step musse maachen, fir dass souwuel an der Educatioun wéi och an der Héichschoul déi Ännerung gemaach ginn, fir dass dee Beruff erëm attraktiv gëtt, fir dass mer wierklech och eise Santésektor kënne deementspreechend attraktiv maachen.

An ech wëll zum Schluss soen, d'CSV gëtt trotzdem d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz, well et wichteg ass, dass mer e legale Kader hunn, deem och ab nächstem Samschdeg legal ka fonctionéieren. Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Den Arrêt vun der Cour constitutionnelle hat jo derzou gefouert, dass d'Gesetz vun 1992 iwwert déi verschidde Gesondheetsberuffer huet missen ëmgeännert ginn. D'Regléierung vun den Osteopathen hat jo och zu deem Urteel am Joer 2021 gefouert. Dat beweist awer och, muss een direkt hei ënnersträchen, dass mer e gutt fonctionéierende Rechtsstaat hunn, an dat ass och nëmme luewenswäert.

Wann et ee Beräich gëtt an der Politick, deem eis ëmmer erëm muss interpelléieren, dann ass et jo awer virun allem natierlech d'Gesondheetspolitik. De Moment hu mer, d'Rapportrice huet dat jo gesot, 20 Beruffer, déi duerch Reglement festgehal goufen. Et war e bëssen erstaunlech, dass zum Beispill e Beruff

wéi den Heilpedagog bis elo nach net duerch e Règlement grand-ducal gereegelt war. Et däerf een awer net vergiessen, datt dat jo och e ganz wichtege Beruff awer ass.

Mat dësem Gesetz ginn dann awer och quasi, kann ee soen, zwee Beruffer ofgeschafft, wat och munches erkläert: den Assistant senior an den Assistant d'hygiène sociale. Eppes ass ganz kloer, déi medezinnesch Beruffer hunn an deene leschte Joren enorm evoluéiert. Dat huet natierlech och seng Ursachen, engersäits duerch déi permanent Entwécklung vun der Medezinn – glécklecherweis, muss ee soen. Awer och d'Gesellschaft huet sech natierlech verännert. Ech mengen, fréier war et evident, datt an engem Haus vläicht zwou, dräi Generatiounen zesummegeewunnt hunn. Wann haut an engem Haushalt méi wéi zwou Generatiounen zesumme sinn, ass dat schonn eppes méi Aussergewöhnlech. Dat bréngt natierlech dann awer och mat sech, datt eeben nei Strukturen musse geschafe ginn, wou d'Leit och am Alter kënnen versuergt ginn.

Ech wëll och drop hiweisen, datt zum Beispill 2017 14 % vun de Leit iwwer 65 Joer al waren, a bis 2050 gëtt estiméiert, datt dee Prozentsatz schonn op 24 % eropgeet. Dat bréngt also mat sech, datt dee ganze Beräich nach muss ganz anescht erscadéiert ginn an datt och d'Betreiungsstrukturen nach musse verbessert ginn. Och d'Émfeld vun de Patienten u sech huet sech verännert. Ech mengen, fréier ass et eng Rei Operatiounen ginn, déi konnten nëmmen um stationären Niveau gemaach ginn. Haut huet een dat awer scho vill méi um ambulanten. Och do gesäit een also déi grouss Differenz, déi sech do lues a lues erausgestallt huet.

De weesentleche Punkt vun dësem Gesetz ass natierlech och dee sougenannten Examen de proportionnalité. Do gëtt dee jo och vum EU-Recht verlaangt, fir eebe verschidde Beruffer ze reglementéieren, wann déi deelweis och ageschränkt solle ginn. Do muss een natierlech och soen, dat ass keen einfachen Exercice, besonnesch wann et sech ëm liberal Beruffer handelt, datt do de Legislateur u sech awer gewësse Grenze setzt. Et muss een also ëmmer eng gewësse Balance och do fannen.

De Moment hu mer der jo dräi do am Gesetz. De Staatsrot hat jo och gesot, datt nach misst nogereecht ginn, wat weider Examens de proportionnalité ubelaangt. An dowéinst huet dat Gesetz jo hei dann och zousätzlech nach e gewëssene Retard kritt.

Jo, et kéint een iwwert dee Retard hei elo vill diskutéieren, mee d'Haaptsaach ass, datt mer haut déi dréngend Upassung awer elo fäerdegréngen, well, wéi et och virdru scho gesot ginn ass, spéitstens iwwermuer muss dat awer dann och gemaach sinn.

Eppes muss een awer hei elo schonn ënnersträichen: Eng nächst Regierung kritt do eng wichteg Aufgabe ze maachen. An zwar muss sech méi grondleeënd dann och Gedanke gemaach ginn: Wéi soll de Gesondheetssystem vu muer ausgesinn? Mir musse wëssen, datt déi medezinnesch Beruffer, de Flegesecrétaire, an de Marc Spautz huet dat och schonn hei gesot, vill méi attraktiv mussen duergestallt ginn. Dat heescht, net nëmmen de legislative Kader muss stëmmen, mee och d'Sensibiliséierungscampagnë musse gemaach ginn, fir datt mer zousätzlech Leit awer rekrutéiert kréien op allen Niveaue, wat d'Fleg ubelaangt. Ech wëll och drun erënneren, dass zum Beispill bis 2030 40 % vun den Infirmieren an d'Pensioun ginn. Och dat kann eis viru ganz grouss Problemer bréngen.

D'Formatioun, evident an deem Beräich, spillt eng ganz wichteg Roll. Dowéinst si mer och frou als Demokratesch Partei, datt och elo um Niveau vun der Uni nei Ausbildungsméiglechkeeten ugebuede ginn. Ech

denken zum Beispill un de Bachelor fir d'Infirmieren. Dat ass jo och op där gudder Schinn.

An deem ganze Kontext muss een natierlech och op de Rapport Lair erëm eng Kéier hei ze schwätze kommen, dee jo 2019 virgeluecht gouf. An do ass ganz kloer ënnerstrach ginn, datt eise Gesondheetssystem viru groussen Erausforderungen steet. Ech wëll awer och hei betounen: Mir sollen net an de Feeler verfallen, elo eise Gesondheetssystem dohinnerstellen, wéi wann en ze vill Faillen hätt, wéi wann en net gutt wär. Nee, jiddwereen, deen e bëssen iwwert d'Grenz geet an och e bësse méi wäit iwwert d'Grenz geet, dee spiert awer ganz séier, dee mierkt ganz séier, datt mir hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer d'Chance hunn, trotzdem e gudd Gesondheetssystem ze hunn, obwuel natierlech eng Rei Upassungen musse gemaach ginn.

Ech wëll och do kuerz zitieren aus dem Rapport Lair: „Mais la situation de dépendance du système de santé luxembourgeois est telle et le risque de grave pénurie important, que cela nécessite plus qu'un simple plan d'action. Elle devrait être déclarée 'cause nationale' afin d'être considérée par plusieurs ministères.“ Ech mengen, dat seet kloer aus, wat u sech muss op eis zoukommen a wat mer och mussen natierlech deementspriedend bewältegen.

Déi Covidkris huet natierlech och munches hei ënner Beweis gestallt, a viru allem awer och, datt mer ugewise sinn op ganz vill Fleegepersonal, dat net hei zu Lëtzebuerg wunnt. An och däers muss mer eis bewosst si fir d'Zukunft, wa mer gäre eise Gesondheetssystem nach wëlle verbessern. Dat ass och d'Ursach – et muss een dat awer hei soen –, firwat natierlech net konnt op eenzel Dossiere vläicht méi intensiv geschafft ginn. Mir wëssen et jo hoergenee – an den eternelle Rapport heibanne weess dat nach vill besser –, datt mer do awer ganz staark engagéiert waren an deene leschte Joren. An ech mengen awer och kënnen hei ze soen, datt mer dat awer och gutt gemeeschtert hunn.

Voilà, wéi gesot, onofhängeg vun deem klengen Bemoll, datt dat Gesetz eeben hei elo huet misse relativ séier iwwert d'Bün goen: Haaptsaach, et ass gemaach ginn! D'Demokratesch Partei steet och dohannert, selbstverständlech natierlech och mat dem Opruff, datt mer mussen awer spéitstens, wann eng nei Regierung steet, dat heiten erëm op de Leescht huelen an dann, wéi gesot, déi néideg Mesuren huelen, fir datt de Gesondheetssystem hei zu Lëtzebuerg nach wie vor op engem héijem Niveau ka funktionéieren.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Graas. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Hansen (déi gréng) | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, fir d'éischt e grouss Merci un d'Cécile Hemmen fir déi detailléiert Aarbecht am schrëftlechen a mündlechen Rapport. Dëst erlaabt et mir, net mussen op déi technesch Detailler anzegoen.

Wéi d'Rapportrice et erkläert huet, geet et an dësem Projet de loi haaptsächlech drëm, d'Gesetz vum 26. Mäerz 1992 iwwert den Exercice an d'Revaloriséierung vu verschidde Gesondheetsberuffer konform ze setzen zum Arrêt vun der Cour constitutionnelle vum 4. Juni 2021, dee befonnt hat, datt d'Artikelen 1 a 7 vum Gesetz net konform zu der Constitution sinn, well d'Conditions générales d'accès an d'Attributione vun de Professions de santé net am Gesetz stinn, mee iwwer groussherzoglecht Règlement gereegelt ginn.

Mam Stéichdatum vum 30. Juni 2023, dee vun der Cour constitutionnelle fixéiert ginn ass, hu mer et deemno esou just fäerdegruecht, fir mat dësem Projet de loi

iwwert d'Zillinn ze kommen, ouni den Exercice vu verschidde Gesondheetsberuffer a Gefor ze bréngen.

Dir Dammen an Hären, datt mer dëst Gesetz mam Titel „Revaloriséierung vu verschidde Gesondheetsberuffer“ iwwerschaffen, ass eng perfekt Geleeënheet, fir dorobber hincweisen, datt mer och bei der Bekämpfung vun der Penurie vun den Aarbechtskräften d'Zillinn mussen errechen. Do si mer awer nach e gutt Stéck dovunner ewech. Dofir wëll ech nieft de constitutionnelle Problemer vum Gesetz vum 1992 gären op d'Urgence agoen, fir dëst Gesetz de Realitéiten um Terrain unzepassen.

Mir wësse scho laang, datt mer d'Attraktivitéit vun de Gesondheetsberuffer musse verbessern. Spéitstens zanter dem Rapport Lair, deen 2019 presentéiert ginn ass, ass et eng Evidenz. Duerfir ass et wichteg, datt mer méi konsequent un der Ëmsetzung vun de Recommandatiounen schaffen, fir datt all dës Beruffer hir Mission de santé publique kënnen korrekt ausüben.

Am Koalitionsaccord steet, datt eng generell Analys a gegebenefalls eng Opwärtung vu verschidde Gesondheetsberuffer soll gemaach ginn, fir eis un aner EU-Länner unzepassen. déi gréng sinn der Meinung, datt dëst méi wéi jee néideg ass. Et soll jo elo parallel och dorunner geschafft ginn.

Besonnesch am Secteur vun der Fleg existéiert eng grouss Middegeet – scho viru Covid, mee dësen huet de Phenomeen nach verstärkt. Duerfir denke vill Leit doriwwer no, aus dem Beruff erauszeklammern. Laut der „LetzCare“-Studie vun der ANIL, déi am Oktober 2022 presentéiert ginn ass, hunn 78 % vun de Befroete schonn eemol doriwwer nogeduecht, de Flegeberuff ze verloossen, an dorënner een Drëttel ëmmer oder oft. Dëst ass erschreckend a muss onbedéngt geännert ginn.

Une voix | Très bien!

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

M. Marc Hansen (déi gréng) | Duerfir musse mer Léisungen fannen, fir engersäits d'Aarbechtsëmfeld ze verbessern, fir d'Leit am Beruff ze halen, an anerersäits méi Leit an d'Formatioun zu Lëtzebuerg ze kréien an déi Leit, déi an d'Ausland studéieren ginn, och erëm op Lëtzebuerg zréckzekeréien.

Positiv ass, datt deemnächst d'Bachelorformatiounen fir Infirmieren, d'Infirmiers spécialisés, d'Hiewammen an d'Assistants techniques de radiologie op der Uni Lëtzebuerg ufänken, well déi ginn dréngend gebraucht. Dat ass e wichtege Baustee géint d'Penurie bei de Gesondheetsberuffer, déi vun ëmmer méi Personal aus dem Ausland muss kompenséiert ginn.

E wichtege Punkt, fir dës Penurie entgéintzewierken, ass awer och d'Revaloriséierung vun de Gesondheetsberuffer. Parallel muss awer och u Brécke geduecht ginn, fir vun engem Beruff an deen aneren ze kommen, respektiv dorunner, Karriärméiglechkeeten ze schafen, fir de Leit Zukunftsperspektiven ze ginn. Duerfir ass e globalen Ausbildungs- a Formationsplang fir all d'Gesondheetsberuffer, deen net just all eenzelne Beruff consideréiert, mee se och mateneen denkt, dréngend néideg, an dat mat engem besonneschen Akzent op deene Beruffer, wou d'Penurie am heefegsten ass oder wou d'Besoinen an der Zukunft wäerte klammern. Dat implizéiert natierlech och, datt d'Attributione vun de verschidde Gesondheetsberuffer mussen iwwerschafft ginn.

Am Resümee kann ee soen, datt eigentlech déi ganz Berufsketten aus dem Gesondheetssecteur muss analyséiert ginn an all d'Formatiounen esou musse reorganiséiert ginn, datt méi kompetent a méi effikass kann am Team zesummegegeschafft ginn. Mat enger Reform vun de Studien, enger Erhéijung vun

den Ausbildungsplätzen an enger Verbesserung von den Aarbeitskonditionen ginn déi verschidde Berufser dann och méi attraktiv fir déi Jonk.

Här President, et ass wichteg, dass mer mat dësem Projet de loi d'Mise en conformité nom Arrêt von der Cour constitutionnelle garantéieren. Mir müssen awer och feststellen, dass mer mat dësem Gesetz d'Gesondheitsberuffer net dem Terrain upassen a fir d'Zukunft opstellen. Et besteet deemno weiderhin eng Urgence, dass iwwer 30 Joer aalt Gesetz ze adaptéieren, déi verschidde Beruffer opzwäerten an och hir Attributivounen esouze definéieren, dass déi verschidde Gesondheitsberuffer effizient an effikass kënnen matenee schaffen. Déi verschidde Gesondheitsberuffer waarden drop, dass gesäit een och, wann een d'Avisen zu dësem Projet de loi liest.

Dëst gesot, ginn ech den Accord von der grénge Fraktioun. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, fir unzefänken en häreleche Merci der Madamm Cécile Hemmen fir hire schréftlechen a mündleche Rapport. Ech mengen, vu menge Virriedner ass dass meescht gesot ginn, duerfir wëll ech mech haut hei relativ méi kuerz faassen.

Dëst Gesetz schafft am Fong geholl, wann een et esou wëllt soen, Rechtssécherheet, wat allerdéngs op Drock von engem Gerichtsurteil berout. Et dierft domadder munches méi kloer sinn, mee ob elo alles kloer a korrekt ass, dass musse mer ofwaarden, dass musse mer gesinn an der Zukunft. Et ass jo hei am Fong geholl, wéi et och scho vu menge Virriedner gesot ginn ass, prioritär méi en technesch Dossier, fir dem Gerichtsurteil Rechnung ze droen.

Mir kommen net derlaanscht, fir eis Gesondheitsberuffer, déi jo permanent von 1992 bis haut gestige sinn ... An de Besoin gëtt jo ëmmer méi grouss a leider Gottes hu mer ëmmer manner Personal. Fir deem entgéintzewierken, komme mer net laanscht eng Gesamtreform an och do musse mer kucken, wéi mer dat upassen. Do ass ganz sécher nach ganz vill „pain sur la planche“, wéi se soen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeit an ech bréngen d'Zoustëmmung von der ADR zu dësem Gesetz. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci gesot. An d'Madamm Oberweis ass scho prett a kritt och direkt d'Wuert. Madamm Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. E grouse Merci och der Madamm Rapportrice an all deenen, virun allem och der Madamm Pommerell, déi un dësem Projet de loi matgeschafft hunn. An ech wëll och direkt soen, dass mer dëst Gesetz matdroen.

Ech muss awer soen, dass dat, wat mer elo hei virleien hunn, sengem Titel net gerecht gëtt, am Verglach zu deem, wat annonciéiert ass, an zu deem, wat mer brauchen. Effektiv dréit dëse Projet härelech weineg zu der Revaloriséierung von deene verschidde Gesondheitsberuffer bäi. Eigentlich ass dat, wat am Exposé des motifs behaupt gëtt, e bësselchen e Witz.

Här President, nee, dëse Projet de loi bréngt keng substanzuell Verbesserunge fir de Stand vu verschidde Gesondheitsberuffer mat sech an et handelt sech

hei net ëm déifgräifend Ännerunge par rapport zum fréiere Gesetz. Hei geet et net ëm d'Härzstéck von der geplangter Reform von de Gesondheitsberuffer, déi eis säit Jore versprach gëtt. Dat hei ass just e Formalitéitgesetz, wou d'Reglementatioun vu Gesondheitsberuffer, wéi zum Beispill den Osteopathen, den neie Standarden ugepasst ginn a verschidde Kontradiktivounen mam europäesche Rechtskader korrigéiert ginn.

Den Ulass von dësem Gesetzesprojet ass virop, aus der Verfassungswiddregkeit erauszekommen, an dass ass drénglech a justifiéiert effektiv, firwat dëst Gesetz esou schnell huet misse kommen.

Hei ass dann och keen Usproch erauszeliesen op radikal Ännerungen, déi mer brauchen, déi néideg sinn, fir d'Gesondheitsberuffer opzwäerten an attraktiv ze maache respektiv fir géint d'Penurie u medezineschem a Fleegepersonal unzekämpfen. An dass dramatesch, well säit Joren héiere mer von den Acteuren um Terrain wéi zum Beispill der ANIL, dass hir Leit iwwerschafft sinn an drun denken opzehalen. Dat heescht, net nëmmen hu mer eng Penurie, mee en plus weinst der Charge an och zum Deel der grousser administrativer Charge denken der vill drun, de Beruff ze verlossen. Mir wësse wuel, et ass virdu gesot gi von der Madamm Rapportrice, dass dat soll kommen, mee mir froen eis, wéini.

Här President, dëse Gesetzesprojet ass eng Uneneereierung von Annexen, iwwer 200 Säite bal, déi eenzel Gesondheitsberuffer mat all hire Missionen, Attributivounen, Conditions d'accès oplëschen. Hei wier an der Terminologie gebotzt ginn, deelweis esou gutt, dass op eemol Beruffer wéi den Assistant d'hygiène sociale sollte verschwannen, éier se dann nees an enger amendierter Fassung am Gesetz optauchen. An dass och gutt esou, well et ëmmer nach Leit gëtt, déi concernéiert sinn, déi ënnert deem Statut schaffen an och wëlle schaffen. An deem Fall ass den Avis vom Conseil supérieur de certaines professions de santé respektéiert ginn.

Här President, et ass schued, dass dëse Projet de loi net méi substanzuell Ännerungen an d'Richtung von enger wierklecher Opwärtung von de Gesondheitsberuffer mat sech bréngt. Hei geet et leider net ëm d'Formationen, d'Rekrutementsstrategien, d'Aarbeitskonditionen oder d'Gehälter, net ëm Moosnamen, déi och laangfristeg kéinten zu enger Opwärtung von de Gesondheitsberuffer bäidroen. Mir wëssen, firwat gëtt ëmmer erëm genannt an aner Erklärungen, firwat dat elo net komm ass. Mir kréien awer gesot, et wär amgaangen, dru geschafft ze ginn, von enger zweegleeseger Aarbecht ass geschwat ginn.

Da géif ech ganz gären och froen, wou dann déi Aarbechten dru si fir déi Opwärtung von de Gesondheitsberuffer, respektiv déi Reform, déi néideg ass, wou déi drun ass, sachant dass d'Wale geschwé sinn, mee d'Aarbechte wäerte jo awer amgaange sinn, wéi eis gesot gouf. Kann d'Ministesch vläicht kuerz drop agoen, wou déi Aarbechten dann dru sinn?

Villmools merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An den nächste Riedner ass de Sven Clement an e kritt och direkt d'Wuert. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, als Éischt emol ass kloer: D'Gerichtsurteeler müssen ëngesat ginn, ob eis den Timing passt oder net. Dass ass ëmmer esou, wann ee verléiert, da passt engem den Timing seelen, mee nichtsdestotrotz musse se ëngesat ginn. A mir packen dat heite jo elo esou tout juste nach.

Et ass vill vum Assistant d'hygiène sociale geschwat ginn, dass et där nach 17 gëtt mat Autorisation d'exercer. Et ass schued, eng dovunner ass am Moment rouend, well déi Persoun ass Minister gi säitdeem, an et kënnen also am Moment tatsächlech just 16 Leit dat exercéieren. Ech fannen dat ... De Georges Engel schwätzt eis ëmmer dovun, wat fir e schéine Beruff dass ass, och wann et en net méi wierklech gëtt.

Bon, et gouf schonn dovun geschwat: D'Chance fir déi grouss Reform gouf hei e bësse verpasst. Ech mengen, dass war och zäitleche Contrainté geschéllt, ech wëll dofir do elo net nach weider drop erëmreiden. An ech mengen, mir kënnen ganz frou sinn, dass mer zesumme mam Staatsrot mat all deenen Allez-retouren elo en Text hikruten, deen d'Spuer hält an deen dann och d'gesetzlech Dispositivounen respektéiert.

Ech wëll dofir och nach eng Kéier der Rapportrice e grouse Merci soen, fir déi 156 Säite Rapport net nëmmen am Schréftlechen, mee och am Mündlechen dann nach eng Kéier presentéiert ze hunn.

Mee nieft all deene Mercien, nieft all deem Positiven – an ech kann Iech soen, mir wäerten dem Gesetz eis Zoustëmmung ginn – wëll ech awer eng Remark iwwert d'Prozedur maachen:

D'Chamber huet e Gesetz gestëmmt, wat den 2. November 2021 a Kraaft getrueden ass, an dass ass d'Gesetz iwwert den Examen de proportionnalité bei verschidde Beruffer. Dass Gesetz gesäit u sech vir, dass, wa verschidde Berufsgruppe betraff sinn, en Examen de proportionnalité schonn um Niveau vum Avant-projet de loi muss gemaach ginn. Dësen Text, dësen Examen muss dann och public sinn, fir dass sech déi betraffe Berufsgruppen an aner Stakeholdere kënnen dorunner inspiréieren an dat an hir Stellungname matafléisse looschen. Dass heescht, se missten éffentlech an domadder publizéiert sinn. Elo constatéieren ech awer, dass se zumindest net bei der Chamber publizéiert goufen an och sécher net beim Depot virloochen, zumindest net der Chamber virloochen, well anescht kann ee sech dee ganzen Hin an Hier zwëschen Staatsrot, Regierung an deelweis och Chamber net erklären.

Den 29. November 2022, also ee Joer, nodeem dat Gesetz a Kraaft getruede war, gouf deen heite Projet de loi déposéiert. Du louch en e bëssen do, an dräi Méint méi spéit, de 6. Februar, huet de Staatsrot schonn déi éischte Kéier no deem Examen de proportionnalité gefrot a krut dann och en Transmis von der Regierung. Ech gesinn de Minister fir d'Relatioun mam Parlament hei viru mer setzen. Deen huet déi Bréiwer jo zum Deel och un d'Chamber weidergeleet, dofir wëssen mer déi Timeline och méttlerweil. An zwou Wochen, dräi Wochen drop, den 28. Februar, huet de Staatsrot du gesot: „Moment, dass doten ass net alles. Dir hutt net dee ganzen Examen de proportionnalité geliwwert.“ Dann huet et e Mount gedauert an an där Zäit huet dann de Gesondheitsministère dem Staatsrot geäntwert, do wäer keng weider Beruffer betraff, de Staatsrot géif do eng falsch Lektür maachen, wat dann den Dag drop derzou gefouert huet, dass d'Chamber dann och déi Dokumenter krut, soudatt mer eis en eegent Bild konnte maachen.

De Staatsrot huet sech dann nach eng Kéier annerhallwe Mount Zäit geholl, fir säin Avis ze schreiwen, a seet dann a sengem Avis de 16. Abrëll (veuillez lire: de 16. Mee): „Dach, hei si Beruffer betraff“, a mir hu schonn iwwert den Assistant senior ënner anerem geschwat, „wou misst awer en Examen de proportionnalité gemaach ginn.“ Bon, vu d'Contrainte-temporellen hu mer dat dann duerch Amendementer geléist. Mir hunn also u sech déi Opposition-formellen, déi do gestanen hunn, doduerjer geléist, dass mer dat no hanne

pousséiert hunn, datt mer déi ganz Prozedur vun deem Examen de proportionnalité och no hanne pousséiert hunn. Mee mir hunn et net aus der Welt geschafft, well déi nämmlechte Froe stelle sech och an Zukunft nach.

Dat heescht, hei hu mer e Gesetz, wat hätt misse beim Depot vum Gesetz nach respektéiert ginn a wou d'Regierung sech et awer e bëssen einfach gemaach huet a souguer huet misse zweemol vum Staatsrot rappéléiert ginn. An ech mengen, dat ass eppes, wat an der Prozedur ... Mir wëssen alleguerten, heiansdo muss et séier goen, mee ech verstinn, datt och Beamten net ëmmer kënnen 100 % perfekt eppes liwweren. Mee ech géif mer awer wënschen, datt mer, wa mer an Zukunft a reglementéierte Berufsgruppe sinn, awer weinstens déi Gesetzter vun Ufank u géife respektéieren, déi mer eis selwer ginn hunn.

An da vläicht déi lescht Fro un d'Madamm Ministesch zu deem Examen de proportionnalité: Ech wollt just froen, wou d'Veréffentlechung vun deem Examen de proportionnalité ass, wéi en am Gesetz vum 2. November 2021 virgesinn ass. Well wann den Examen soll effentlech sinn ... Ech weess, datt mir en an der Chamber als Transmis kruten, ech hu mech awer gehitt, dee mat iergendengem aneren ausserhalb vun der Chamber ze deelen, well mir kruten den iwwert de Courrier interne. An ech hunn haut nach eng Kéier gekuckt: En ass net publizéiert ginn am Dossier parlementaire. Deementspriedend gouf et warscheinlech keng Instructions, do ze publizéieren. Dofir wollt ech just froen: Lait de Feeler bei der Chamber? Hätte mir dat däreferen, kënnen, solle publizéieren? Oder hätt de Ministère dat misse enzwousch anescht publizéieren? Dat ass eng Fro, op déi ech bis elo keng Äntwert hunn.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. Dat war dee leschte Riedner. Domat ass d'Discussion générale ofgeschloss.

An d'Wuert huet direkt d'Madamm Gesondheitsministesch, d'Paulette Lenert. Madamm Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé | Här Président, merci fir d'Wuert. Virop e ganz grouse Merci un d'Rapportrice, awer och un all déi Leit, déi un deem heite Projet matgeschafft hunn op allen Eebenen.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Et ass schonn ervirkomm: Et ass eng Mammutaufgab gewiescht. Eppes, wat einfach geklongen huet, eppes vun engem Reglement eriwwezechuelen an d'Gesetz, huet sech entpuppt als e ganz komplizéierten Exercice. Dat gesitt Der um Volume vun deem Projet, den, wéi et och schonn a verschiddene Rieden ennerstrach ginn ass, absolutt net den Usproch huet, déi grouss Reform vun de Gesondheitsberuffer ze maachen.

Ech géif awer och gären direkt ervirsträichen, dass mir elo net ofwaarde bis d'Wale fir weiderzeschaffen. Genau de Géigendeel ass de Fall. Déi Aarbechte sinn ugelaft am Fong geholl no der Etüd Lair. Direkt ufangs 2020 sinn Aarbechtsgruppen an d'Liewe geruff ginn, fir, sou wéi dat versprach gi war, sämtlech Beruffer de fond en comble ze iwwerschaffen. Dat sinn opwänneg Aarbechten, déi mir net aus der Distanz eraus maachen, mee mam Terrain zesummen. Dat heescht, dat fuerdert ganz vill participatiivt Schaffen. An déi Aarbechte sinn, wéi ech et hei an dëser Enceinte, mengen ech, net brauch ze rappéléieren, natierlech brutal ennerbrach ginn duerch d'Pandemie, wou mer aner Prioritéiten haten. Mee si si lafend weidergaangen.

Zu engem gewëssenen Zäitpunkt a wëssend, dass mer déi Deadline vum 30. Juni am Raum hunn, hu mer misse e Plang B ausschaffen, well mer gesinn hunn, vu d'Envergure vun deenen Aarbechten, wa mer dat wëlle seriö maachen a Beruff fir Beruff adaptéieren un d'Uspréich vun haut, an dat an enger gesonder Zesummenaarbecht mat de Leit vum Terrain, dass dat nimools kéint opgoen. An dunn ass u sech dee richtegen Tsunami bei eis ausgebrach, well mer déi eng Aarbechte weiderlafe gelooss hunn an trotzdeem parallel eeben un deem heite Projet geschafft hunn, fir déi gesetzlech Basis an dréchen Dicher ze kréien, mat dach awer engem gewëssenen Opwand.

Dat war guer net esou einfach, well déi Reglementer haten net eng eenheetlech Struktur. Dat war net esou, dass een einfach Copy-Paste konnt maachen. Et war ganz opwänneg. Dat heescht, do si mer parallel amgangen, an déi Aarbechte fir de Rescht vun deene Gesondheitsberuffer, déi lafen natierlech weider. Mir hunn och do mat Prioritéite geschafft. Dir wësst, dass nei Studiegäng ugefaangen hunn, de Bachelor am Infirmiersberuff – fir deen ze nennen. Do hu mer prioritär drop geschafft natierlech, well mir hu misse och Input gi fir déi Studiegäng, déi hu misse erstallt ginn.

Mir hunn elo ongeféier e gudden Drüttel vun de Gesondheitsberuffer, wou mer schonn déi éischt Phas hannert eis hunn, wou mer mat den Acteuren zesummen eng Virstellung hunn, wéi déi nei Kompetenze sollen ausgesinn. Dat leeft dann duerno weider a legislativ Aarbecht, mee déi Aarbechte sinn zu kengem Moment ennerbrach gewiescht, ausser an der Ufangsphas natierlech duerch d'Pandemie. Si lafe weider a wäerten och weiderlafe bis déi lescht Woch op alle Fall, wou ech am Amt wäert sinn, an duerno, do ginn och dervun aus, och. Ech kann haut net soen, ob nach eppes wäert kënnen deposéiert ginn oder net. Et si komplex Aufgaben. Ech ka just versécheren, dass d'Aarbechte weiderginn.

Et ass och richtig, dass vill Hin an Hier war. An do géif ech och ganz gären eng Lanz fir meng Leit brieche: Ech hunn déifste Respekt fir si, si stinn nach ëmmer. Mir hu kleng Ekippen. Mir hunn e legislative Bagage ze evakuéieren gehat an deene leschte fénnef Joer, wéi de Santéministère en nach ni ze stäipen hat. An och si stounge während der Pandemie mat un der Front. Eis Leit waren net déi, déi vun deene vläicht méi angeneeme Saache vun engem Lockdown konnte profitéieren während der Pandemie. Et ass fortlaafend geschafft ginn an, jo, mir sinn alleguerzte midd an, jo, et geschéie Feeler.

Et ass net deen eenzege Projet, un deem geschafft gëtt. Mir si parallel op op d'mannst enger Dose Chantiere present, mat enger ganz intensiver parlamentarescher Aarbecht och ëmmer, wou déi selwecht kleng Ekippen op alle Fronten ëmmer erëm muss moies am Garde-à-vous stoen, an dat mécht se. An ech sinn haut op alle Fall ganz frou an dankbar, dass mer déi Deadline konnten halen. Et ass dat, wat zielt. Mir hunn eng Deadline gehat, a wa mer haut hei sinn, dann ass dat u sech de Beweis, dass et opgaangen ass. Dat war eist Zil an ech si ganz frou, dass mer dat konnten halen.

Fir de Rescht ass et extreem wichteg fir d'Attraktivitéit vun de Beruffer, dass mer se wäerten adaptéieren. Mee et ass awer genauou wichteg, dass mer eis déi néideg Zäit och dofir huelen an déi Concertatiounen hu mat den Acteuren vum Terrain. Et si ganz vill Ufuerderungen un de Gesondheitssektor, déi kommen, an do ass et natierlech wichteg, dass déi eenzel Beruffer een op deen aneren ofgestëmmt sinn. Et ass scho gesot ginn, do gëtt et deels ganz al Texter, méi rezent. Dat ass eng komplex Aufgab an do solle mer dat schnell an zügeg maachen, awer trotzdeem net iwwert de Knéi brieche. Dat ass op alle Fall mä

Plädoyer dofir, well dat muss sëtze fir d'Zukunft. Et ass d'Basis vu Formationskursussen, déi misse ugepasst ginn hannendrun, an do muss ee sech einfach déi néideg Zäit huelen.

An ech mengen, mir misse eis alleguerten agestoen, dass mer nun eeben emol ausgebremst gi sinn an dëser Legislaturperiod. Ech kréien ëmmer gesot: „Dat ass en Joker, deen ëmmer erëm gespillt gëtt.“ Ech kann ëmmer nëmmen erëm betounen, dass et eng Realitéit fir eis ass. Mir sinn net nëmmen hannendra geroode mat deem, wat virgesi war, mee mir hunn och nei Aufgabe kritt. Mir schaffen um Pandemiegesezt. Mir hunn Evaluatioun gehat, déi an eisem Haus gelaft sinn. Mir haten en extreem staarke Bagage. An dofir: Iech alleguerten e grouse Merci fir d'Verständnis!

Ech weess, dass dat heiten eng enorm Strapaz war och am Beräich vun der Chamber, fir dee Rapport zustanen ze kréien. Letztendlech solle mer alleguerten zesumme frou sinn, dass mer et gepackt hunn, well e Lach an deem dote Beräich wär net gutt gewiescht. Dat hätt bedeit, dass keng Geneemegung méi hätte kënnen ausgestallt ginn. Dat ass scho ganz dramatesch. Dat ass och eppes, wat mer an deem Sënn net kannt hunn hei zu Lëtzebuerg. Et ass jo och déi éischte Kéier, wou esou en Delay gesat ginn ass vun der Cour constitutionnelle. Dat ass schonn eng ganz, ganz grouss Erausforderung, wann ee weess, do ass e Stéchedatum, wou d'Gesetzter net méi wäerten do sinn. Dat hu mer esou net kannt.

Ech weess aus menger aler Beruffserfahrung um Geriicht, dass ganz oft Prozesser nach jorelaang geféiert gi sinn, ëmmer erëm, ëmmer erëm, bis dann endlech d'Base-légallen adaptéiert gi sinn. Dat heite gëtt deen néidegen Drock, dat kann ech Iech confirméieren. An ech kann Iech nëmme Merci soen op alle Fall fir déi vill Efforten an Iech bestätegen, dass eis Aarbechten op Héichtouren wäerte weiderlafen op deem doten Dossier.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch Paulette Lenert. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8108. Den Text steet am Document parlementaire 8108⁸.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8108 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen dann elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Jean-Marie Halsdorf), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Aly Kaes, Marc Lies, Mmes Elisabeth Margue, Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile

Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Fernand Kartheiser) et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. 8067 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 31 mars 1958 portant organisation des cadres de l'administration gouvernementale

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet Nummer 8067 iwwert d'Upassung vum der Organisation vum de Feierungsplazen an der Regierungsverwaltung. An de Rapporteur dofir ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Fonction publique

M. Gusty Graas (DP), rapporteur | Merci, Här President. Iwwermuer ass e wichtige Dag fir eist Land: Dann trëtt déi nei Verfassung a Kraaft. An d'Chamber huet jo och derzou opgeruff, fir dat mat engem feierlechen Akt ze zelebréieren, wat och eng gutt Saach ass. Déi nei Verfassung huet selbstverständlech och en Impakt op de Fonctionnement vum eise Staat, och op d'Organisation vum Kader vum der Regierungsverwaltung. Déi baséiert jo de Moment um ofgeännerte Gesetz vum 31. März 1958. Dat muss allerdéngs elo ofgeännert gi wéinst der Revisioun vum enger Rei vu Kapitelen aus der Constitution. Dat sinn d'Kapitelen I, II, III, V, VII, IX, X, XI an XII.

Dës Revisioun bréngt dann och mat sech, datt den Artikel 76 vum der Constitution suppriméiert gëtt. An op Basis vum deem Artikel sinn awer bis elo dann ëmmer d'Conseillere vum der Regierung genannt ginn. Wa mer vu Conseillere schwätzen, heescht dat General-administrateuren, Premiers conseillers de Gouvernement, Conseillers de Gouvernement première classe a Conseillers de Gouvernement adjoints.

Domadder verschwannen dann awer och den Arrêté royal grand-ducal vum 9. Juli 1957 (veuillez lire: vum 9. Juli 1857) iwwert d'Organisation vum der groussherzoglecher Regierung wéi och den Arrêté grand-ducal vum 14. Januar 1974 iwwert d'Conseillere vum der Regierung.

D'Konsequenz ass dann eeben elo, datt d'Conseillers de Gouvernement am Kaderpersonal vum der Regierungsverwaltung verankert ginn. An dowéinst mussen dann eeben och elo verschidden Dispositiounen vum ofgeännerte Gesetz vum 31. März 1958 adaptéiert ginn. Enner anerem gëtt d'Zuel vum de Conseilleren elo vum 126 op 150 eropgesat, fir datt d'Regierung iwwer eng gewësse Marge verfüügt, fir, wéi gesot, gewëssen Upassungen ze maachen.

Da soll een och direkt hei ennersträichen, datt déi Ännerunge selbstverständlech och schonn den 1. Juli a Kraaft trieden, deen Dag also, wou och déi nei Verfassung en vigueur ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi gouf de 25. August 2022 vum Minister vum der Fonction publique, dem Här Marc Hansen,

deposéiert. A senger Sëtzung vum 9. Juni 2023 gouf de President vum der Kommissioun vum der Fonction publique zum Rapporteur genannt an de Rapport gouf den 22. Juni och ugeholl.

Vläicht och nach e kuerzt Wuert iwwert déi eenzel Avisen, fir d'éischt ugefaange mat deem vum der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics: Deen datéiert op de 17. November 2022. Am Fong ass d'Chamber mat deem Gesetzesprojet d'accord. Si ass och dermat d'accord, datt d'Limitzuel vum de Conseilleren eropgesat gëtt iwwer Gesetz an dat net méi muss iwwer en Arrêté grand-ducal geschéien.

Dann zum Avis vum Conseil d'État vum 16. Mee: Do huet de Conseil d'État fir d'éischt emol drun erënnert, datt déi Conseillers de Gouvernement jo Fonctionnaire sinn, och wann et verschidden Derogatiounen natierlech nach gëtt, wat den Accès an déi Karriär ubelaangt. An déi Karriäre si jo och am ofgeännerte Gesetz vum 25. März 2015 festgehalten.

De Conseil d'État erënnert dann awer och drun, datt d'Limitzuel vum de Conseilleren an der Vergaangenheet der Regierung u sech net d'Recht ginn huet, nei Posten ze schaffen, mee datt dat eebe just konnt op Basis vum Numerus clausus geschéien, dee jo alljoers am Budgetgesetz festgehale ginn ass.

Dunn huet de Conseil d'État och nach eng Textännerung proposéiert, wann d'Regierung wëllt Posten ausserhalb vum Numerus clausus stëmmen, an d'Kommissioun huet déi selbstverständlech och ugeholl, fir eeben och eng gewësse Flexibilität da kënnen ze garantéieren.

Dann huet de Conseil d'État awer och nach ennerstrach, datt d'Decisiounen, wat d'Organisation vum der Regierung ubelaangt, net vum zoustännegen Minister kënnen geholl ginn, mee – wat och normal ass – datt dat do misst eng Decisioun vum der ganzer Regierung sinn. An do hat de Conseil d'État och eng Opposition formelle ugedreet a selbstverständlech hu mer dat dann och ugepasst.

Voilà, dat war et am Fong schonn alles zu deem Projet de loi hei. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, géif Iech och bieden, deem Projet hei Är Zoustëmmung ze ginn, a maachen dat am Numm vum der Demokratescher Partei. Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen dem Här Rapporteur Gusty Graas villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, déi honorabel Madamm Diane Adehm.

Discussion générale

Mme Diane Adehm (CSV) | Merci, Här President. Virop wëllt ech och dem Rapporteur Gusty Graas villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Ech soen direkt, dass d'CSV deen heite Gesetzesprojet matdréit, well fir eis ass et wichtig, dass eng Regierung dës Méiglechkeet huet.

Ech wëll awer trotzdeem nach e puer Wuert zum Avis vum der Chambre des fonctionnaires soen. Et ass richtig, dass d'Chambre des fonctionnaires mat deem heite Projet de loi d'accord ass, mee si huet awer och verschidden Punkte bemängelt. Si seet zum Beispill, dass hei mat dëser Dispositioun Leit an d'Fonction publique genannt ginn, déi net onbedéngt d'Konditiounen mussen erfëllen, fir kënnen op déi dote Poste genannt ze ginn. An dann nennt se eeben d'Sproochen, d'Diplomer, déi Leit mussen keen Examen, also kee Concours maachen, kee Stage, keen Examen de fin de stage an esou weider. An als CSV versti mir déi heite Bedenke vum der Chambre des fonctionnaires.

Och wann ee selwer Staatsbeamten ass, da kuckt een dat vläicht och e bëssen aus enger anerer Perspektiv.

Mir soen als CSV, dass een an Zukunft eng Kéier soll iwwer genee dës Kritikke vum der Chambre des fonctionnaires kucken an dass een oudenke soll, fir zumindest eng Formation de base fir déi dote Leit ze maachen, an dass ee vläicht awer iergendwou kéint eng Sproocheklausel aféieren, well et ass net onwichtig, dass déi Leit, déi do agestallt ginn, awer verschidden Sproochen, zumindest bis zu engem gewëssen Niveau, beherrschen.

Voilà, dat gesot, ginn ech heimadder nach eng Kéier den Accord vum der CSV a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Adehm. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Dan Biancalana.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Ech wëllt dem Rapporteur Merci soe fir säi ganz gudden mündlechen a schrëftleche Rapport a ginn heimadder och den Accord vum der LSAP-Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Biancalana. Da geet d'Wuert un d'Madamm Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Merci och vum eiser Sait. A mir ginn natierlech och den Accord, mat engem Merci un de Rapporteur fir deen interessante Rapport.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. An och vum eiser Sait aus e grouse Merci un den Här Graas, deen eis dat hei presentéiert huet. Mir mussen soen, bei eis ass déi Saach hei awer e bësse méi kontrovers ugesinn, well mir hunn hei e System, wou mer elo 150 politesch Nominatiounen sollen erlaben a wou awer – och d'Madamm Adehm huet sech scho bezunn op d'Kritik vum der Chambre des fonctionnaires – einfach an deene politeschen Nominatiounen déi Qualitéitskrittären, Sproochekrittäre feeelen. Dat schaaft natierlech an den Ae vum de Staatsbeamte Gerechtegkeetsfroen an et schaaft Froen zum Beispill iwwer eppes, wat eis ganz wichtig ass, nämlech datt déi Fonction publique soll Lëtzebuergesch schwätzen. Eiser Meenung no soll déi Lëtzebuergesch Fonction publique Lëtzebuergesch schwätzen.

Wat awer eisen Haaptpunkt ass – an dat wëll ech hei ganz kloer soen –, dat ass, datt mir e ganz anere System wëllen. Mir verstinn, datt eng Regierung soll d'Méiglechkeet hunn, Leit vum hirem Vertrauen ze nomméieren op héich Funktiounen, fir Ministeren ze beroden oder wéi och ëmmer. Bon, dat versti mer, obscho mer och der Meenung sinn, datt normalerweis déi normal Fonction publique déi Funktioun och kéint erfëllen. Mee gutt, et ass e politesch Element derbäi a Ministeren sollen déi Méiglechkeet hunn, Leit vum hirem Vertrauen an hirem Ëmfeld ze nomméieren.

Mee da muss een awer och esou konsequent si fir ze soen: Et kann ee jo awer net vum deem nächste Minister oder vum deenen anere Beamten erwaarden, datt déi dat selwecht Vertrauen an déi Leit hunn, déi eng politesch Nominatioun vum enger bestëmmter Regierung kruten. An dofir soe mir, mir sinn eis konsequent: Dir kënnt déi Leit nenne fir déi Zäit, wou Dir an der Regierung sidd, a wann Dir net méi an der Regierung sidd, da mussen déi Leit, déi politesch nomméiert goufen, ouni deen normale Prozess ze maachen, fir Beamten ze ginn – eng Selektioun, hiren Examen an esou weider, hir Konditiounen, déi se erfëllt hunn –, da mussen déi mat der Regierung deen Abléck goen.